

## Waaat? Nach eng Kéier? : D'Natureschoul op Youtube

Gitt op Youtube eise véierte Film kucken : De Laurent an de Roby beim Weier

Hei de Link:

<https://www.youtube.com/watch?v=Mp7ovEqIOxU>

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

1. *Wéi heeschen d'Larve vun de Fräschen op Lëtzebuergesch?*
  - Fräschebébéën
  - Kauzekäpp
  - Laurent a Roby
2. *Wat ass "Fräscheläich"?*
  - Dat sinn doudeg Fräschen.
  - Dat sinn d'Eeër vun de Fräschen.
  - Dat ass d'Fudder vun de Fräschen.
3. *Firwat huet de Fräsch kee Schwanz méi?*
  - E gëtt ëmmer méi kleng, bis e fort ass, wann de Fräsch grouss ass.
  - E fällt of, wann de Fräsch grouss ass.
  - E gëtt vum Fräsch senger Mamm ofgebass.
4. *Wat gesäis de, wann s de vun uewen erof op ee Rückenschwimmer am Waasser kucks?*
  - säi Réck
  - säi Bauch
  - seng Schwammbox
5. *De fäerdege Gelbrandkäfer kann net méi wuessen. Wéi grouss kann e ginn?*
  - wéi eng 2-Cent-Mënz
  - wéi eng 2-Euro-Mënz
  - wéi ee 5-Euro-Schäin
6. *Wou kënnen eis Weier-Schleeken de Sauerstoff hierhuelen?*
  - aus der Loft
  - aus dem Waasser
  - aus dem Waasser an der Loft

